

Agrarpolitesch Stellungnahm

vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer

virgedroen vum Paul KAIL

Léif Éiregäscht,
Dir Dammen an dir Hären,

An eiser Stellungnahm um *Jongbaueren- a Jongwënzerdag* droe mir Joer fir Joer eis Forderungen, wat déi zukünfteg Gestaltung vun der Landwirtschaft betrëfft, un d'Öffentlechkeet. Hei sollen – virun allem - eis zoustänneg Politiker ugesprach ginn, well si jo den Optrag kruten, fir äis ze verrieden an d'Geschécker vum Land zum Beschten ze leeden.

Vu *JB & JW-dag* zu *JB & JW-dag* fällt et äis awer op, datt mir iwwer Joeren op aktuell Problemer opmierksam gemaach hunn an datt äis ëmmer nees vill versprach gouf, ouni datt vill Konkretes geschitt! Dat ass ëmsou méi bedréckend well och am Joer 2008 nees vill nei wichteg Ännerungen op äis duer komm sinn.

Schwiereg Zäiten fir eis Schwéngsproduzenten

Bei der dësjähreger Stellungnahm wëlle mir mat eise Schwéngsbaueren ufänken well déi et am Moment net liicht hunn.

Am Schwéngssektor huet sech hei am Land am neie Joerdausend ewell vill gedoen. Dat un éischer Stell duerch d'Oprieden vun der Schwéngsprodukt am neie Joerdausend awer och nach zousätzlech duerch déi desolat Präisentwécklung an deene leschten zwee Joer, déi vill Betriberleeder gezwongen hunn, fir hir Produktioun anzustellen resp. fir ganz opzehalen. Doniewend huet sech d'Situatioun an den aktive Betriber nach méi schlëmm entwéckelt, wéi si sech dat virgestallt haten.

Et muss ee soen, datt virun allem d'Fierkelproduzenten vill Suen bäigesteiert hunn, fir dierfen ze schaffen. Esou munnech Betreffen muss sech deemno d'Fro stellen, wéi et an deenen nächste Méint soll weider goen. Déi prekär Situatioun huet sech nach zougespëtzt, wéi dunn zousätzlech och nach d'Käeren um Weltmarkt richteg deier gi sinn an d'Präisser beim Verkaf vun de Schwäin ëmmer méi déif gefall sinn. Dëst war an deem Ausmass jo nach ni do an huet ewell vill Reserven opgebraucht - sief dat op finanziellem, wéi och op mentalem Plang. Wéi dunn och nach den nationalen Zuchtprogramm gekippt ass, war d'Opreegung an de Betriber grouss.

Alt ërem muss de Lëtzebuenger Steierzueler an d'Täsch gräifen, fir eng Zucht opzebauen, wou een sech trotzdem d'Fro stelle muss, ob dem Fierkelproduzent selwer domat gehollef ass.

Ee weidere Problem fir eis Lëtzebuenger Schwéngsbaueren stellt déi negativ Akzeptanz an der Gesellschaft duer. Dëssen Trend gëtt aktiv vu verschiddene Gemengen a vum Ëmweltminister ënnerstëtzt. Dat dreift vill Baueren an d'Verzweiflung obschonns hei am Land nach ëmmer méi ewéi 30% vum gebrauchte Schwéngfleesch muss importéiert ginn.

Niewent dëse negativen Tendenzen, wëlle awer hei gläichzäiteg ënnersträichen, datt mir et begrëissen, datt de Kuelbecherhaff lo erëm komplett restauréiert a nei gestallt gëtt; Dëst och am Zesammenhang mat de Qualitätsprogrammer an deenen domat verbonnenen europäeschen Subsidien.

Ëmstridden Bauoplagen

Beim Bauerestand suergen - wéi scho säit Joeren bekannt - d'Oplagen, beim Bau vun neie Ställ oder Halen, fir grouss Diskussiounen. Et kann dach net sinn, dat all déi geplangten Konstruktiounen, konterbosseg a komplizéiert Formen mussen opweisen, déi vill Kaschten an näischt bréngen. Mir mussen esou architektonesch Konschtwierker an d'Natur setzen well e gewësse Ministär hei e bestëmmtent Virstellungsbild huet. Déi puer Suen, déi mir weider kréien, fir dës Konschtwierker ze realiséieren, ginn awer bei wäitem net duer, fir nëmmen ee Brochdeel vun den entstanene Käschten ze décken.

Eng Zukunft fir déi Jonk

Et ass bekannt, datt mir et als Bauer net einfach hunn. D'Liewensmëttelpräisser sinn ze déif a mir schaffen äis „domm an dämlech“. Et ass de politesche Wëllen, datt d'Liewensmëttelpräisser déif bleiwen mussen. Wann de Géigendeel de Fall wier, da géif eis Wirtschaft guer net méi dréinen. Deemo ass et méi einfach, fir ee Prozent vun de schaffende Leit mat Subsiden roueg ze halen, wéi wann déi aner 99 Prozent onzefridde wieren.

Esou muss een sech net wonnere, datt vill Jonker de Betrib vun den Elteren net méi wëllen iwwerhuelen. Wéi soll een de Jonken dat kloer maachen, datt hien mindestens 50 bis 70 Stonnen d'Woch schaffe soll, kee fräien Dag huet a waméiglech och nach muss Suen opréngen fir dierfen ze schaffen; Mir weisen an dësem Fall op d'Quoten- an Primerechter hinn. Op jiddfer Fall gi finanziell Ënnerstëtzen eleng net duer, fir déi Jonk ze motivéieren fir „doheem“ ze bleiwen. D'Rahmebedingungen mussen stëmmen, déi vun der Politik virgeschloen ginn. Den aktuellen Kléngkrich tëschen deenen eenzele Ministären an de Verwaltungen dréit net zum Positiven bäi. Dëst mécht den Acteuren um Terrain d'Liewen net liicht. Hei sinn déi Concernéiert staark gefuerdert, well et kann net esou weider goen.

De Stellewäert vun deene Jonken an de Gewerkschaften an an der Landwirtschaftskammer

Mir begréissen et, datt eis Gewerkschaften elo un engem Strang wëllen zéien. Dat ass mat Sëcherheet dee richtegen Wee an d'Zukunft. Wa mir awer hir gemeinsam Lescht fir d'Wahlen vun der Landwirtschaftskammer kucken, da fällt äis folgendes op: Kéng vun hinnen hat de Courage fir e Jonken als feste Member mat an d'Kammer ze huelen. Dofir froe mir äis: Sinn eise Gewerkschafte d'Problemer vun der Jugend egal? Mir wëllen hei drun erënneren – bei allem Respekt virum Alter - datt dee jonke Bauer d'Zukunft vun eisem Berufsstand duerstellt an net de Pensionär!

Op eis Kammer iwwerhaupt nach d'Intressien vun de jonke Bauere vertriede wëll steet op engem anere Blat. Bei bal allen Direktiven a Reglementer, déi op äis duerkomm sinn oder duerkommen an déi net am Interessi vun der Landwirtschaft sinn, gëtt verschlof, fir sech ze wieren. E gutt Beispill dofir sinn d'Primeveröffentlechungen am Internet. D'Dynamik kënnt just op, wann et drëm geet, fir de Baueren d'Rechnung vum Bäitrag ze schécken. Deen ass jo mëttlerweilen esou héich, datt en eng Belaaschtung fir d'Betriben ass!

Gesonde Véibestand

D'Blozongekränkt huet de Bauerestand déi lescht Joeren an Otem gehalen. Wéi et am Moment ausgesäit, ass dës Kränkt duerch d'obligatoresch Impfaktioun agedämpft ginn. Mir hoffen deemno, datt dëst an deenen nächste Joeren och esou bleift.

Begréissenswäert ass et, datt d'Vétérinairesinspectioun vum nächste Joer un erëm nei Betriben an d'IBR-Sanéierung ophëllt. Bei der Para-TB bedauere mir, datt schon am drëtten Joer

d’Kontrollfrequenzen erof gesat solle ginn. Dëse Programm misst bei alle Betriber – mat egal wéi engem Status - weider konsequent duerchgefouert ginn!

Kompetenz ass gefrot

Am leschte Punkt vun eiser Stellungnahm wëlle mir d’Problematik vun de Biogasanlagen belichten.

Wat gouf net alles geschwat a gemaach, wéi déi éischt Biogasanlagen hei am Land ageweit goufen. Grouss Eröffnungen, wou de Landwirtschaftsminister sech et net huelen geloos huet, fir den eischten Spuetestéch ze maachen. Jo an dunn,... du stungen se do, déi Anlagen an hir grouss finanziell a logistesche Problemer.

Mir wëllen hei méi spezifesch op den organesche Stickstoff agoen. Wat kruten d’Komiteeën vun de Gemeinschaftsbiogasanlagen, wéi och d’Jongbaueren selwer, schon alles vun engem gewëssenen Herr Aben un de Kapp geheit; Mir géifen opschreiwen, wat mer wéilten, mir géifen souwiesou méi ewéi déi 170 kg N ausbréngen,... an esou virun. Fir et elo emol eng Kéier ganz kloer ze soen: ***Jo, déi betreffen Anlagen hunn een Düngeplang, un deen si sech halen a wou een op de Kilo genau d’Ausbréngung verfolge kann!***

Et kann net sinn, datt beispillsweis – fir et dann awer erëm unzeschwätzen – d’Primen vun der Schleppschlauchausbringung aus dem Joer 2005 nach net ausbezuelt sinn, awer datt déi aus dem Joer 2008 schon am Internet fir jiddereen ze gesi sinn.

Dësweideren wëlle mir bei dëser Geleeënheet och nach Folgendes op de Punkt bréngen:

Et ass gewosst, datt dee sougenannten organesche Stickstoff an der Biogasgülle e groussen Deel vun Nitrat opweist, dat heescht, datt en direkt a schnell fir d’Planzen verfügbar ass. Deemno kann een dës Gülle deelweis/prozentual als mineraleschen Dünger betruechten, wat eng kloer Fuerderung vun äis ass. Wann ee bedenkt, datt een normalen 27%. KAS elo ewell 40€/100kg kascht, da muss een jo sécher net nach laang iwwert de finanziellen Aspekt schwätzen.

Dobäi froe mir äis natierlech och, wat fir eng Lobby wuel dohannert stécht a bewierkt, datt de mineralischen Dünger bei verschiddene Kulturen eréicht bei 300 kg/N begrenzt ass. Durch eng Erhéigung vum organesche Stickstoff bei entsprechender Fruchtfolleg, ass bei Versich festgestallt ginn, datt kéng Belaschtung vum Grundwasser ze fäerten ass.

D’Biogasanlagen si vum Staat gewollt a subventionéiert. Leider mussen d’Bedreiwer vun dësen Anlagen nient hierer Gülle a Mëscht och nach Energiepflanzen oder Reststoffer dra verschaffen, fir dës Anlagen iwwerhaupt um Lafen ze halen. Doduerch entsteet am Moment een organeschen Stickstoffiwwerschoss, deen op deenen ze verschaffende Flächen bei 170 kg Norg net méi ënnerzebréngen ass.

Mir fuerderen datt sech dëser Problematik endlech mat Kompetenz ugeholl gëtt an net ëmmer nëmmen mam Fanger op d’Baueren gewisse gëtt.

Eng Politik, déi sech fir d’Baueren staark mécht

Mir géifen äis wënschen, datt sech déi nächst Regierung dëse Problematiken unhëllt an net nëmmen probéiert d’Jongbaueren mat Suen an de Beruf ze lackelen. All Su dingt näischt wann de Kader an deem geschafft soll ginn net stëmmt. Mir brauchen eng Politik, dei sech fir eise Beruf staark mécht, sech de reellen Problemer an Uleies vun de Baueren unhëllt an déi virun allem wees, datt eis Aarbecht net ze ersetzen ass – schonn eleng doduerch net, well och soss kee se maache well?

Am Numm vun eiser Organisatioun soen ech lech ee grouse Merci fir Äer Opmierksamkeet!